

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Sou wéi et am Artikel "Drei Euro auf 100" heescht, deen de 16. Juli am Lëtzebuenger Land publizéiert gouf, gi säit dem 1. Mäerz um Findel nei Gebühren erhuewen, fir eng Rei Renovationsaarbechten ze finanzéieren. Weider steet am Artikel, datt als Novum och Start-a Landengebühren erhuewe ginn. D'Héicht vun dese Gebühre ka laut dem zitéierten Artikel jee no Dageszäit variéieren, notamment wann de Fliger nuets start oder lant. Den entspreichende Reglement fir des Gebühren ze erhiewen, soll sech laut deem nämmelechten Artikel nach um "Instance Wee" befannen, mee et géif provisoersch op Basis vun engem Gesetz vun 1948 operéiert.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Transportminister gär dës Froe stellen:

- 1) An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 4308 vum honorablen Deputéierten Här Fernand Kartheiser, huet den Här Transportminister zum Thema vun den Nuetsflig ënner anerem geschriwwen, datt dës nëmme a gesetzlech genee definéierten Ausnämefäll stattfannen. Wéi eng Auswierkung hunn déi vum Här Transportminister beschriwwen Ausnameregelungen op d'Erhiewe vun deenen uewen zitéierte Gebühren? Entsteet duerch déi héich Tariffer eng wierklech Plusvalue, wann Nuetsflig souwisoou nëmme duerch ganz punktuell Ausnamen zougelooss ginn?
- 2) Et ass dovun auszegoen, datt et sech bei deem uewen zitéierte Gesetz ëm d'"loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne", speziell den Artikel 7 handelt. Dëse beseet ënnert dem Punkt (3) awer och Follgendes: "*Le montant de ces taxes, redevances et droits ainsi que leurs modalités de perception sont fixés par règlement grand-ducal*". Kann den Här Minister preziséieren, wéi et méiglech ass, e feelende RGD duerch e Gesetz ze substituéieren, dat fir seng Ausféierung selwer e separate RGD virgesäit?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten